

WANDROUS

N°365 Broochmount / Heemount / Hierschtmount 2017

Juni / Juli / September



Kënnst 5 mol pro Joër raus
Abonnement 25,00 Euro
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
Chefredakter: MOYANO Guy (Crotale)
> resp. CheffenEkipp LBB
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu
Tel: 49 50 51
<http://www.lionsbleus.lu>





Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, dreckech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffën do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuert hun, an elo sin nach ëmmer Cheffën do, di sech ëm Deng Kanner këmmere an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



**Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den
“AMIS DES LIONS BLEUS”**

? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsam Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren se awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnit gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ennen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech frëen mir ons iwvert en émolegen oder regelméissegen Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

Souche Sortie

fir d'Wëllefcher(LX)

Huest du Loscht e flotten Daag an der Natur ze verbréngen ?

EMOL ganz AANESCHTERS, huhuuuuuuu

Wèi geet daat dann ???

Ma ganz einfach --- komm mat eis op the SORTIE !!!

Mir besichen d`Fest vun der Natur, wou ët iwwer 60 verschidden Stänn ginn dèi mir eis ukucken wärten.

Dir krit do Saachen iwwert eis Umwelt gezielt & kënt och selwer matmaachen :)

Wéini: 18.06.2017

Rendez-Vous: Sonndes, den 18.06.17 um 10:00 op der Kockelscheuer

Retour: Sonndes, den 18.06.17 um 15:00 op der Kockelscheuer

Präiss: GRATIS

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 3.06.2017 !!!

Wat's du brauchts: Déck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder, däin Foulard, 5 Saachen vum Wëllefchen, Waasser(1l) fir ze drénken, Pic-nic ...



Heimat erlaaben ech

méngem Kand.....
den 18.06.2017 op d`Sortie matzegoen.

Ënnerschrëft



Faakelzuch

fir de ganzen Grupp



FAAKEL- ZUCH 2017

Wéi all Joër's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Donneschdes, den 22.Juni

!!! ÄNNERUNG !!!

19:30 Auer

bei der Metzlererei Kaiffer op 77, Grand Rue
L-1661 Lëtzebuerg



Waat brauch de Beaver, de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, d'Amicale an natirlech nët ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

**RICHTEG ! eng TIP TOP Uniform, also:
donkelblo Box
mat Uniformshiem, Foulard
Lions Bleus - Sweatshirt an eng LBB-Kaap**

**OPGEPASST: Daat ganzt huët och en Enn !
An deen fënnt sëch erëm bei der Metzlererei Kaiffer um 22:30 Auer**

D'Souche ass bis spéitstens den 10/06/2017 bei dëngem Chef oofzeginn !!!

Wéi all Joër's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden !!!

Jo ech.....

ginn och dëst Joër 2017 mat op de Faakelzuch.
an ech sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous

ElterenËnnerschrëft

15
JULI
20
17

START 18H30
MAT LËTZEBUERGER KASCHT

LËTZEBUERGER OWEND

EPES FIR DE KLENGEN HONGER

FIERKEL UM SPIESS (M1) 22 EURO

LËTZEBUERGER GRILLWURSCHT (M2) 17 EURO

DE GRÉNGE MENU  (M3) 17 EURO

**MAT GEBOOTSCHTE GROMPREN
& GRÉNG ZALOOT**

**TAART MAT SCHMANNT
KAFFI & DRËPP**

UMELLEN AN IWWERWEISEN BIS DEN 9 JULI 2017

COMPTÉ LES LIONS BLEUS - ROVER LU22 1111 7017 2426 0000

MAT DER MENTION „LF17 + FAMILIENNUMM“

**RDV FIR D'KANNER ASS DEN 15.7.17 UM 16 AUER BEIM HOME FIR ZE PROUWEN
OPGEPASST: ALL KAND DAAT UM LF'17 DEELHËLLT MUSS OCH OP DER SOUCHE MAM MENU
AGEDROEN SINN AN IESSEN BESTALLT HUN**

Helmet mellen ech _____ main Beaver / Wëllefchen / Scout / Explorer / Rover
_____ fir Léiwefest 2017 (15.7.2017) un.

Ënnerschrëft: _____

Helmet mellen ech _____ fir Léiwefest 2017 _____ Leit un an huelen folgend
Menu'er:


- _____ x Menu 1 (Apéro-Entrée-Fierkel-Dessert) 22 EUR
- _____ x Menu 2 (Apéro-Entrée-Lëtz.Grillwurscht-Dessert) 17 EUR
- _____ x Menu 3 (Apéro-Entrée-Vegetarësch-Dessert) 17 EUR

Ënnerschrëft: _____

FNEL Pow-Wow

fir SG, EX, RO, CH

DËST JOËR STEET DE POW-WOW GANZ ËNNER DEM MOTTO **RÈIMER**, AN ZWAR VIR GENAU ZE SINN: "ALLE WEGE **FÜHREN NACH MAMER**". DOWËINST LUED DE GROUSSE KEESER **WISSEL MAMERANUS** IERCH HERZLECHST AN, MAT HIM ZESUMMEN ALLES ZE ENTDECKEN WAAT MAT **RÈIMER** ZE DINN HUET. KUCK DE **GLADIATOREN** NO BEIM **SCHWERTKAMPF** AN DER **ARENA**, GÈI MAT DEN **GROUSSEN KAISEREN ZESUMMEN AN D'THERMEN** ODER PROBÈIER DËCH SELWER AUS ALS **GROUSSEN KAISER VU ROUMAMER!** DU KANNS ËT NËT ERWARDEN DO MATZEGOËN? DANN **MELL DËCH SÈIER UN** BEI DËNGE CHEFFEN AN MAACH DËCH MAT VILLEN AANEREN SCOUTEN, EXPLORER, ROVER & CHEFFEN ZESUMMEN OP DE WEE.



WICHTEG INFOS:

(WEIDER DETAILER AN DER NAECHSTER WANDROUS)

RENDEZ-VOUS:

DEN **8. JULI 2017** (VIII.VII.MMXVII) UM **10:00 AUER** BEIM HOME LES LIONS BLEUS AN **TIPTOPER UNIFORM** (HIEM, DONKELBLO JEANS-BOX/SHORT. MIR GINN DANN ZESUMMEN OP DE POW-WOW.

RETOUR:

DEN **9. JULI 2017** (IX.VII.MMXVII) UM **17:00 AUER** BEI DE ROTONDEN ZU BOUNEWEG.

PRAISS:

20 (XX) EURO SINN ZE IWWERWEISEN OP DE COMPTE LBB ROVER (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000) ZE IWWERWEISEN **BIS DEN 26. JUNI 2017** (XXVI.VII.MMXVII). NO DËSEM DATUM GINN 5 EURO DOBÄI GERECHENT !!!

SOUCHE:

ASS OOFZEGINN BIS DEN 25. JUNI 2017 (**XXVI.VII.MMXVII**) BEI DËNGEN CHEFFEN

MATERIAL:

SCOUTSRÜCKSAACK MAT SCHLOOFSACK, CARRYMATT, TÄSCHENLUUCHT, BIDON MAT WAASSER, GAMELE, BESTECK, BECHER, 2 KICHENDICHER, BIERGSCHONG, WÄSCHSAACHEN, PIJAMA, TÄSCHENMESSER, DEM WIEDER UGEPASSTE KLEEDER, SONNENCREME, EPPES FIR OP DEN KAPP, SCHWAMMBOX...



ECH ERLAABEN
MENGEM SCOUT/GUIDE/ROVER
UM **POW-WOW 2017 (8-9/7/2017)** DEELZEHUELEN AN IWWERWEISEN
D'FRAIS DE PARTICIPATION AM DELAI.




ËNNERSCHRËFT:

FNEL Pow-Wow

fir BV, LX, CH




DËST JOËR STEET DEN POW WOW GANZ ËNNER DEM MOTTO **RÈIMER**, AN ZWAR FIR GENAU ZE SINN: "**ALLE WEGE FÜHREN NACH MAMER**". DOWÈINST LUED DE GROUSSE KEESER **WISEL MAMERANUS** IERCH HERZLECHST AN, MAT HIM ZESUMMEN ALLES ZE ENTDECKEN WAAT MAT **RÈIMER** ZE DINN HUET. KUCK DE **GLADIATOREN** NO BEIM **SCHWERTKAMPF** AN DER **ARENA**, GÈI MAT DEN **GROUSSEN KAISEREN ZESUMMEN AN D'THERMEN** ODER PROBÈIER DÈCH SELWER AUS ALS **GROUSSE KAISER VU ROUMAMER!** DU KANNS ÈT NËT ERWAARDEN DO MATZEGOËN? DANN **MELL DÈCH SÈIER UN** BEI DÈNGEN CHEFFEN AN MAACH DÈCH MAT VILLEN AANEREN BEAVER, WËLLEF AN CHEFFEN ZESUMMEN OP DE WEE.



WICHTEG INFOS:

(WEIDER DETAILER AN DER NAECHSTER WANDROUS)



RENDEZ-VOUS:

DEN **9.JULI 2017** (IX.VII.MMXVII) UM **8:30 AUER** (ÄNNERUNG!!!) BEI DE ROTONDEN ZU BOUNEWEEG AN **TIPTOPER UNIFORM** (HIEM, DONKELBLO JEANS-BOX/SHORT)

RETOUR:

DEN **9.JULI 2017** (IX.VII.MMXVII) UM **17:00 AUER** BEI DE ROTONDEN ZU BOUNEWEEG).

PRAISS:

DE POW-WOW **ASS GRATIS** WANN EEN SÈCH BIS DEN 26.JUNI 2017 (XXVI.VII.MMXVII) UMELLT !!! **DUERNO SINN 5 (V) EURO** ZE IWWERWEISEN OP DE COMPTE LBB ROVER (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000).

SOUCHE:

ASS OOFZEGINN BIS DEN 25.JUNI 2017 (**XXVI.VII.MMXVII**) BEI DÈNGEN CHEFFEN.

MATERIAL:

E KLENGEN RÜCKSAACK MAT PIC-NIC FIR MËTTES, BECHER, BIERGSCHONG, BIDON MAT WAASSER, DEM WIEDER UGEPASSTE KLEEDER, SONNENCREME, EPPES FIR OP DEN KAPP, SCHWAMMBOX...



ECH ERLAABEN
 MENGEM BEAVER/WËLLEFCHEN
 UM **POW-WOW 2017 (9/7/2017)** DEELZEHUELEN AN MELLEN
 MÈCH UN AM DELAI.



ENNERSCHREFT:

Gruppenversammlung

16 September 2017

Home Les Lions Bleus- Bonnevoie
14h-17h

LOST IN NATURE

17



www.lionsbleus.lu

HELLEF !!!

De **LEO LEIF** huet sech no der Scoutsaison e bëssi alleng gefillt an huet sech dun am Summer geduecht, hien géif sech eemol an déi grouss Natur trauen & d'Beem an eisem schéine Land kenneléieren. Allerdéngs, wou hien ënnerwee wor, huet hien vun lauter Beem kee Bësch méi gesinn an sech verlaaf. Ewéi ët dunn donkel ginn ass, huet hien sech vun Angscht op e Baam verzunn. Wou sëtzt hien elo? Kanns du him hellëfen sech erëmzefannen an de Wee zerëck an den Home ze fannen?

Mir maachen dofir op der Gruppenversammlung eng Grouss Sichaktioun...
Wëlls du eis dobäi hellëfen? Wëlls de dass de Leo Leif sech nach eemol zerëckmellt an der Wandrous? Dann komm deen Daag op Bouneweg!

WOU?

Am Home Les Lions Bleus zu Bouneweg.

WEINI? SCHLUSS?

Samstes den 16. September 2017 um 14.00 Auer.
Samstes den 16. September 2017 um 17.00 Auer.

WAAT BRAUCHS DU?

Déng tiptop Uniform (Hiem, blo Box/Short), dem Wierder ugepasste Kleeder. Bidon mat Waasser, an alles waat e gudd Scout esou brauch...

LEO LEIF LEO LEIF LEO LEIF LEO LEIF LEO LEIF



Heimadder erlaaben ech _____ méngem
Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/Explorer/Rover

_____ un der Gruppenversammlung, den 16.9.2017 deelzehuelen.

Ënnerschrëft: _____



Souche Montée

fir BV, LX, SG, EX



En neit Scoutsjoer fänkt un.
Et gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten,
dèi den nächsten Schrëtt op hierem
Scoutswee maan. Sou gët aus engem
grousse Beaver e klengen Wëllefchen, aus
engem groussen Wëllefchen e klengen
Scout an aus engem groussen Scout e
klengen Explorer.



Mell dëch sèier un, dat's du och dobai
bass fir e flotten Weekend mat ze
erliewen.

Wèini: 30.September-1. Oktober 2017
Wou: beim Home Lions Bleus
Rendez-Vous: 30.September 2017 um 14h00 beim Home

Retour: fir Beaver: 30.September 2017 um 18h00 beim Home
fir de Rescht: 1. Oktober 2017 um 15h00 beim Home

Präiss: 20,00 €, bis den 23.September 2017 op den Compte vun den
Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze
iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée2017 + Numm vum Participant.

>>> Beaver brauchen nix ze bezuelen, **ausser dèi BV dèi d'Montée
maan, müssen 20€ bezuelen.**

Souche: Ass bis den 23.September 2017 bei dèngem Chef oofzeginn.

Waat brauchs du alles: Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht&Täschenmesser,
Bidon, Ersatzkleeder, Wäschaachen, Biergschong..

d'Cheffenéquipe

○—————○
Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech erlaaben
mèngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/Explorer

.....
un der Montée 2017 vum 30.09-01.10.2017
zu Bouneweg deelzehuelen.



.....
Ënnerschrëft vun den Elteren

Programm Beaver

BV - Programm

Juni

- 03.-05. GRUPPEN PËNGSCHTCAMP
10. keng Versammlung (Vakanz)
17. Beaversammlung 14:00-16:00
22. FAAKELZUCH an der Staat
24. Beaversammlung 14:00-16:00

Juli

01. Beaversammlung 14:00-16:00
09. FNEL POW-WOW
15. LÉIWENFEST

SCHEIN VAKANZ ;)



September

16. GRUPPEN Versammlung 14:00-17:00
23. Beaversammlung 14:00-16:00
30.-1. MONTEE

Oktober

07. Beaversammlung 14:00-16:00
14. Beaversammlung 14:00-16:00
21. Beaversammlung 14:00-16:00
28. Beaversammlung 14:00-16:00

November

04. keng Versammlung (Vakanz)
11. Beaversammlung 14:00-16:00
18. Beaversammlung 14:00-16:00
25. Beaversammlung 14:00-16:00



Beaverclack:

Tic-Tac, Gri-Gri, Spitzky, Hawky

JUNI

- | | | |
|---------|---------------------------|-------------|
| 03.-06. | GRUPPEN PËNGSCHTCAMP | |
| 17. | SORTIE Fest vun der Natur | |
| 22. | FAAKELZUCH an der Staat | |
| 24. | Versammlung | 14:00-16:00 |

JULI


- | | | |
|-----|-------------|-------------|
| 01. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 09. | POW-WOW | |
| 15. | LÉIWEFEST | |

SEPTEMBER

- | | | |
|---------|--------------------|-------------|
| 16. | GRUPPENVERSAMMLUNG | 14:00-17:00 |
| 23. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 30.-01. | MONTEE | |

OKTOBER

- | | | |
|---------|-------------------|-------------|
| 07. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 14. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 21. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 28.-29. | HALLOWEEN-WEEKEND | |




Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Raschka, Tschill, Baloo

JUNI

- 03.-06. GRUPPEN PËNGSCHTCAMP
10. keng Versammlung (Vakanz)
17. Truppenversammlung 14:00-16:00
22. FAAKELZUCH an der Staat
24. Patrullenversammlung 14:00-16:00



JULI

01. Truppenversammlung 14:00-16:00
08.-09. FNEL POW-WOW zu Mamer bei den MW
15. LÉIWEFEST


SummerCamp >>> SAUVAGE >>> 02.-12.08.2017

SEPTEMBER

16. GRUPPENVERSAMMLUNG 14:00-17:00
23. Truppenversammlung 14:00-16:00
30.-1.10. MONTEE

OKTOBER

07. Truppenversammlung 14:00-16:00
14. Patrullenversammlung 14:00-16:00
21.-22. JOTA-JOTI
28. keng Versammlung (Vakanz)



Lenks Patt

Sam & Aleksis & Tamia

Programm Explorer

EX - Programm

Juni

03.06.06.17	GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP		
10.06.17	keng Versammlung (Vakanz)		
17.06.17	keng Versammlung		
22.06.17	FAAKELZUCH an der Staat		
24.06.17	Unitèitsversammlung	16-18 Auer	am Home LBB

Juli

01.07.17	Explorerversammlung	16-18 Auer	am Home LBB
08.-09.07.17	FNEL POW-WOW zu Mamer bei den MW		
15.07.17	LÉIWEFEST		


SummerCamp'17 >>> SAUVAGE >>> 02.-12.08.2017

September

16.09.17	GRUPPENVERSAMMLUNG	14-17 Auer	beim Home LBB
23.09.17	Explorerversammlung	16-18 Auer	am Home LBB
30.-1.10.17	MONTEE		

Oktober

07.10.17	Explorerversammlung	16-18 Auer	am Home LBB
14.10.17	Unitèitsversammlung	16-18 Auer	am Home LBB
21.-22.10.17	JOTA-JOTI		
28.10.17	keng Versammlung (Vakanz)		



EXPLORER



Fir d'Unitéit: Eric M., Max ...

Programm Rover

RO - Programm

03.-06.06.2017	LBB Gruppen PëngschtCamp
22.06.2017	Faakelzuch & LBB Grillstand
02.07.2017	FNEL RO BeachVolleyballTournoi zu Lëntgen > Organisation Wëll Säi
08.-09.07.2017	FNEL Pow-Wow zu Mamer bei den MW
15.07.2017	LBB Léiwefest zu Bouneweg beim Home LBB
25.07-2.08.2017	MOOT Island
02.-12.08.2017	FNEL Camp fédéral > SAUVAGE zu Sauloch (D)

RAPPORT OuschterWeekend Beaver



D'Beaver hunn s'ech um 14:00 Auer virum Home getraff wou d'Cheffen och schon op d'Kanner gewaart hunn. Duerno hun d'Beaver daat groust Schwanzklappen gema an hun den Fändel erop gezunn. Dunn kruuten d'Beaver erklärt dass s'ech an Schottland befannen an dass d'ei groust Highlandgames geschwënn ustinn, mais fir dass d'Beaver do iwwerhaupt eng Chance hun ze gewinnen mussen s'ech puer Erfahrungen an Wëssen iwwert Schottland erlangen. Dowëinst sinn all d'Kanner eran gaangen an hun s'ech hiren eegenen schottëschen Killt gebastelt, deen s'ech unmolten konnten. Duerno hun d'Beaver eng Signe de Piste gema bis op d'Heedeköpschen. Op der Plaz ukomm, missten d'Kanner dann puer Spiller maachen fir s'ech op d'Highlandgames virzebereeden.

No den Spiller ass den Signe de Piste erëm weider gaangen bis zeréck bei d'Home wou s'ech do ukomm nach een Jeopardy iwwert Schottland haaten. No deenen Aktivitéiten woren Beaver ganz hongereg an hun een leckeren schottëschen Pie giess. Nom lessen sinn d'Chargen gema ginn an Beaver hun een Nuetspill gema wou se missten Irrlichter um Terrain erëmfannen an den Cheffen erëm ginn. Beaver sinn dun um 21:30 Auer ganz futti mais zefridden schloofen gaangen.

Um nächsten Moien sinn d'Beaver dann um 8:00 Auer erwäckt ginn an konnten hieren Rucksack paacken. Duerno gouf et Pancakes mat allerhand Saachen fir drop. No den Chargen hun d'Beaver dann Skones gebaack, speziell schottësch Gepäck waat d'Kanner herno als Dessert iessen konnten. Elo konnten d'Beaver eraus goen an nach Spiller spillen bis et Mëttegiessen gouf. Um 12 Auer gouf et dann Pouletsbeen mat Gromperen.

Zum Schluss vum Weekend sinn dann nach d'ei groust Highlandgames gema ginn wou dun awer all d'Beaver gewonnen haaten an s'ech puer Kichelcher huelen durften. Dunn hun mir eng Chaîne des Adieux gema an d'Kanner sinn um 15:00 Auer zefridden Heem gaangen.

Hawky



RAPPORT OuschterWeekend Meute

E Samschen hun mir eis um 8:30 Auer op der Gare de Luxembourg getraff, wou jiddereen ukomm wor, hun mir den "Great Howl" gemaach an hun direkt dono den Bus Richtung Eecher Gare geholl. Do ukomm hun mir leider eraus fonnt dass ët Chantier'en op der Streck gouf an mir hun dunn do missen eng 3/4 Stonn waarden. Géint 11Auer sinn mer endlech zu Miersch am Home vun den Loutren ukomm. Do waren dann och schon "Dinosaurier-Eer" verstoppt déi d'Wëllef hun missten sichen an fannen, ouni vun engem Dinosaurier gefaangen ze ginn (also genau gesinn woren daat d'Cheffen). Dun wor ët schon Mëtteg, wou jiddereen sëch säin eegenen "Krock-Monsieur" maachen konnt. Nom lessen sinn mir e "Piste-Poste" getrëppelt wou d'Kanner geléiert hun wëi een am beschten d'lessen vun engem Dinosaurier klaut, wëi een Waasser propper mëcht an hun ugefaangen e Bou ze bastelen aus gréngem Holz. Gutt midd sinn mir zerëck an den Home gaangen an do war ët schon Zäit fir d'Oweslessen firzebereeden, an zwar eng "Flintstones-Omelette" mat Püréeee an eng gepléckten Tomatenzalot. Nom lessen an spullen sinn mir eraus gaangen fir eng Ronn "Dinos vs Jäger" ze spillen. Ët war ganz flott an noom Spill hun mir eis och ronderëm d'Feier geluecht an sinn kuerz drop gutt an d'Bett gaangen.



Deen zweeten Daag sinn mir gemittlech géint 8Auer erwäscht, sinn dono eraus gelaaf fir e bësselchen Frühsport ze maachen. Dun nees eran gaangen, gutt Schmieren an Schocki genoss an eis Saachen gepaackt. D'Wëllef goufen an zwou Gruppen angedeelt, déi eng hun hier Bèi färdeg gemaach an domadder geübt während déi aner gewisen kruuten wéi een Feier frëier gemaach huet awer nëmmen mat Feiersteng. Dëst Feier hun mir dann och benotzt fir eis Broschetten drop ze kachen. Nom lessen war ët schon baal 14Auer an no enger "Chaine des adieux" sinn d'Kanner all houfreg Heem gaangen



Baloo

RAPPORT Ouschtercamp

Troupe



12. Abrëll

Den 1. Dag sinn mir op den Kierchberg gaangen an sinn mam Trajet esou gëint 12:30 Auer dann zu Märel beim Home ukomm. Als mir um 13:00 Auer fäerdeg waren mat lessen an installéiert woren, hunn mir dunn ugefaangen mat Holz ze schaffen. No Bastel aus/mam Holz hunn mer Spiller gespillt: Am Beräich Laafen, WikingerSchach an Verhaalen... Nodeems hunn mer gïess. D'Gewënner vun den Spiller konnten den Film eraus wïelen an mir hunn sêch fir den Shrek 2 entsched fir deen ze kucken. Nom Film sinn mer midd schloofen gaangen. **Pit**



13. Abrëll

Wir sind um halb-Neun aufgestanden. Danach haben wir gefrühstückt. Nach dem Essen haben wir das Home geputzt und draussen ein paar Spiele gespielt. Nach dem Spielen haben wir zu Mittag gegessen. Danach haben wir gespült und ein Gänsespiel gespielt welches sehr viel Spass gemacht hat. Nachdem haben wir uns auf eine Holzkonstruktion gesetzt. Diese bestand aus zwei Ebenen und wir durften auf die erste Ebene. Mir hat das Ostercamp sehr gefallen. **Daniel**



RAPPORT Bauerenhaff-Sortie Meute



Samstes de 6. Mee hu mir eis Moies um 8:45 bei der Gëlle Fra getraff. Wéi jidferen do war, si mir och schon op d'Badanstalt bai de Bus getreppelt, deen eis op Rolleng sollt bréngen. Do ukomm, misste mir nach e bessi treppelen, ier mer endlech um Kass-Haff ukomm sin.

Als begrüßung, huet de Lucky (den Hond) ons dunn bai sai Meeschter, de Bauer Tom bruecht, deen amgaange wor d'Geméis ze preparéiere vir d'Geessen. Du si mer och schon direkt als éicht bai d'Geesse gaangen an hun deenen hiert Muesesiesse bruecht. Mir konnte suger an de Stall eran, vir se ze heemelen, wat deenen och zimmlech gudd gefall huet.

Leider konnte mer net esou laang do bleiwen, well d'Schwain haaten natierlech och hunger. Déi hu mer dann och flaißeg gefiddert, mat enger Mëschung aus zerdreckte Kearen a Wässech. Mir haate Chance, well eng Sau gra virun 2 Woche Klénger kruut. Mir konnten nokucken wéi sie bai der Mamm gedronk hun, a souguer e Fierkel op den Aarm huelen !

Déi nächst Statioun woren dunn d'Kéi. Déi konnte mer mat frëschem Graas fidden, a puer Stéck konnt een och heemelen. Außerdeem war och e Källefchen do, wat grad 2 Deeg al wor, a ganz gearen ennert dem Kënn gekrault gouf. Den Tom huet ons dann nach de Melkstand gewissen, an erkläert wéifill Mëllech esou eng Kou dann am Daach gett.

Vun deem laange Moien ware mer all ganz hongerech. Mir hun onser Picknick geholl, an de Bauer huet ons eng flott Scheier gewissen : e richtegt Kannerparadies, wou mat Botten Tunnelen a Weer zu enger ganz flotter Spillplaaaz geuerdent gi sin. An domat net genuch, loungen och nach eng sëllegen Spill-Traktoren, Veloen an aaner Spillsaachen do. Noom iessen, hu mir eis ebessen ausgetobt am Stréi, ier onseren Tour du weidergaangen ass.



RAPPORT Bauerenhaff-Sortie Meute



Mir sin du bai d'Hinger gaangen, dei aus hierem Stall op d'Wiss gestréimt komm sin. Mir hun ons op d'Wiss gesaat, an den Tom huet ons Kearen op de Schouß gestreet, déi d'Hinger am nu all ewechgepickt hun. Da si mer an de Stall eragaangen, an hun d'Eer agesammelt. Desst war net emmer ganz einfach, well d'Hinger heiansdo nach drop soutzen a se net wollte goe loossen.

Wéi mer domat feardeg woren, si mer all an een Traktorsunhänger setze gaangen – suguer de Lucky ass matkomm, an den Tom huet eis dunn op sain aale Baurenhaff gefouert. Do ukomm, si mer als eicht emol bai d'Peard gaangen. Mir konnten eran op't Wiss, an ons esouguer kuerz op ee Peard setzen.

Du si mer rem op den Haff gaangen, wou mer neigebuere Kanengecher konnte kucke goen. Déi waren esou Jonk, dat se nach net emol d'Aen ophaaten.

Als läscht ware mer nach bai d Mierschwengercher, ier mer dunn oc hum aalen Haff an eng Spillscheier goe konnten. Dess war suguer nami flott, mat méi Tunnelen an enger groußer Schaukel. Mitt an zefridden, si mer da mam Trakter rem op den neien Haff getuckert, wou mer dem Bauer Tom ee Bon gemat hun, an ons dann op den Heemwee gemat hun.

Catherine Heinen Sendel (Kaa)



RAPPORT RO-Weekend

Rover

Den 29. Abrëll op engem sonnegen Moien, hunn s'ech déi al an déi jonk Cheffen/Rover um Parking vis à vis vun der Kontrollstatioun zu Sandweiler getraff. Déi meescht haaten keen Problem den Treffpunkt ze fannen, zumols n'et wann een e bloen 4x4Auto mat Bierger'cher an mat enger Remorque gesäit.

Schnell moien gesoot an du kruten mir schon eisen éischten Message fir d'Equipe Schickimicki an fir d'Equipe High-Tech. D'Organisateurinnen: Anoa & Paco hunn natierlech fir 12 Auer bei engem Message erëm fir eisen klengen Aperó gesuecht - mir waren nämlech alleguer sch'èin duuschtreg ! D'Messagen während dem Trajet waren flait n'et ganz schwéier ze fannen, mee een wor op allen Fall schwéier ze entkripten. Wann een eng Enveloppe mat engem USB-Stick f'ënnt an op engem Trajet ass, dann stellt een s'ech déi zwou éischt Minutten d'Fro, bei wien een schellen kann goën? Mee zu Lëtzebuerg f'ënnt een ganz léif Léit an portugis'sch Caf'èen. :

Een schéinen Trajet duerch d'Wéngerten huet op eis gewaart, laanscht een Séi bis wieder op Sch'ëtter wou mir wéi Prénzen an Prinzessinnen am Home vun den Castor'en wéillkomm geheescht ginn sinn. Eng Kippchen an Saumon's Toasten hunn op eis gewaart! Leider kruuten d'Equipe Schickimicki n'et sou vill vun den Toasten mat. Èt sch'engt wéi wann den Pik-Nik bei der aanerer Equipe n'et duer gaangen wier! Dofir waren mir nach méi frou mam Pic sénger Bolognaisezooss d'èi gudd komm wor. Den Owend ass lues a lues zu engem Schluss komm, an dunn waren erëm déi typesch Problemer vun engem Roverweekend: An wéi engem Dortoir kann een schlofen goën, ouni vun Geschnaarchtes erwäsch't ze ginn? Jidderengem séng Technik soën ech mol!

Den Daag drop moies huet een ee bëssen iwverall een Schlofsak fonnt: am Gang, an der Kichen, am Groussen Sall, souguer an der Botzkummer. No sou enger Nuecht huet jidder een s'ech och op een gudden Frühstück gefreet! No bëssi Gegackers huet jidder een eng Hand ugepaakt fir oofzeraumen an ze botzen. Dun hunn mir eis erëm op den Wee gemaach fir op d'Mëttesplätz fir gudd grillen ze goën. Géint 16 Auer war den Weekend dann och färdeg an dann ass jidder een Heem gaangen! **Putmini**


RAPPORT FNEL BV Funday

Beaver



D'Beaver hun s'ech um 9 Auer bei der Gare mat den Cheffen getraff wou s'è zesummen den Zuch geholl hun fir bis op Sch'ëtter. Do ukomm ass dann fir all Beaver erkl'ert ginn dass d'Jolly, dem Bibu séng Fr'ëndinn entfouert ginn ass an all Beaver h'ëllef muss hat erëm ze fannen andeems all Grupp Aufgaaben maachen muss d'èi am Thema vun engem europäeschem Land stinn. Eis Beaver missten dun als éischt Kniet maachen an dono Beaver bastelen aus N'ëss. Duerno missten eis Beaver een Parkour maan an konnten s'ech schliissl'èch eng Minut dohinner s'etzen an eng Paus maachen an lessen an Drénken. No der Mëttespau sinn d'Beaver dann op een klengen Trajet gaangen fir ze kucken op d'Jolly n'et iergendwou an der Èmg'ègend wier. Ènnerwee missten dann och klenger Aufgaaben gema ginn wéi z.B. ènneraanerem een Mobbilet bastelen. Mais och no laangem Sichen hun eis Beaver d'Jolly leider n'et fonnt! Trotz d'èsem M'ësserfolleg kruut all Beaver nach eng M'ëtsch an ass mat den Cheffen r'ëm zer'èck op den Zuch gaangen. Op der Gare ukomm hun all d'Elteren dun op hier fl'äisseg Beaver gewaart an sinn zesummen mat hinnen Heem gaangen. **Hawky**





Samschtes Moies den 27. Mee war um 9 Auer Rendez-vous beim Home a kompletter Velosausrüstung. Zu 16 Wëllef a 4 Cheffen hu mir eis dann op de Wee gemach bis op Hesper an de Park. Zweschenduerch hu mer ennerwee um Veloswee e puer Spiller gemach, dei eis engerseits d'Reegelen vun engem Velosfueren nach emol gewisen hun an anererseits eis Geschecklechteet mat dëser Sportart trainert hun.

Am Park ukomm hu mer och schon gleich eng gutt Platz am Schied fonnt, et war nämech deen Daag schrecklech waarm. Mir hun eis dunn Sandwichen gemach an gemittlech zesummen gies. Nom lessen hu mer am Park Wikingerschach an Jeu de Boule gespilt an dono ass et mat engem cooler Velosparcours weider gang. Well eis d'zeit esou schnell fortgelaaf war, hu mer dunn um 15:00 just nach schnell eisen „Schatz“, wat den Dessert (Eng Kescht mat Muffins) war, gesicht. Fier dann och schon rem esou schnell wie meiglech zereck op Bouneweeg ze fueren, wou d'Elteren schon gewaart hunn.

Et war een unstrengenden awer erliewnisraichen Daag mat vill Action an och e puer Pannen, well de Baloo leider 4 mol drun gleewen misst fir d'Këtten vum Velo rem drop ze man.

Raschka



PHOTO-Säit KlammSortie

Troupe



Söchert Ierch elo den

Starter-Pack_Lions Bleus

De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchst fir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! Daat Ganzt an enger spezieller Offer fënns du elo nëmmen an dëngem LBB-Shop vum Vertrauen.



LBB-Pullover → Einzelpräiss 25 €



LBB-T-Shirt → Einzelpräiss 12 €



LBB-100-Becher → Einzelpräiss 16 €




LBB-Kaap/Mutz → Einzelpräiss 12 €

TOTAL ~~65 €~~

ELO NEMMEN NACH FIR

55 €



Aaner Produit'en am LBB-Shop:

LBB-Mutz	12 €
Foulard	5 €
Knuet	4,5 €
Vademecum (Wëllef)	10 €
Scoutsbichelchen	11 €
De Jaizert	10 €
LBB-Badge	4 €

an nach **VILLES** mèi !!!

> WÉINI ass den BUTTIK op ??? > vun 15:45-16:15 > 17/06/17, 01/07/17, 23/09/17...

Allgemeng NEWS

news news news...



POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart
schëcken?

Dann zëck nët laang an schëck së op:

Les Lions Bleus BP1026 L-1010 Luxembourg

Mir gëifen eis jidderfalls freen an së an der
nächster Wandrous publizieren.

Also e Grond mëi fir eng Vakanz :):):)

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:

61A, rue de Trèves

L-2630 Cents

Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass **ëmmer**

Donneschdes op, ausser

während den Schoulvakanzan!!!

ALLGEMENG Datumer:

17-18/06/2017 BV Weekend
17-18/06/2017 Fest vun der Natur (Kockelscheuer)
22/06/2017 Faakelzuch an der Staat
29/06/2017 Federal'it
01/07/2017 BV&LX AdventureDay Misärshaff
02/07/2017 RO BeachVolleyballTournoi (WS)
05/07/2017 CoGro

08-09/07/2017 Pow-Wow fir SG/EX/RO...
09/07/2017 Pow-Wow fir BV/LX/SG/EX/RO...
25/07-2/08/17 MOOT Island
02-12/08/2017 Camp fédéral'17 - Sauvage (D)
14/09/2017 Assemblée générale an der FNEL
16-17/09/2017 Journée des chefs (Misärshaff)
20-22/10/2017 Jota-Joti

et schéngt

et schéngt

- 01) dat den Eyra um RO-WE op der Musel bei der Sich nom Message ganzen Ansaatz bewisen haat.
- 02) wèi wann eisen Härr GruppenChef een Platten um Trakter haat beim Allerëischten Méihen.
- 03) dat um RO-WE vill Lèit mat dobai woren an virun allem därer dèi owes fir den Sound gesuergt hun.
- 04) wèi wann eng ancienne LX-Cheftaine Mama ginn ass, an zwar ass ët e klengen Jong ginn, den Eric.
- 05) wèi wann de Baloo eis CheffenEkipp op Régime stellen wollt mat der Bestellung vun klengen Pizzas.
- 06) wèi wann Lions Bleus all hier Branchenkonten ab Start vum nächtem Scoutsjoër bei der BCEE hun.
- 07) dat d'Wëllef bei engem Spill anscheinend alleguerten Wëllefcherscheffen opzielen sollten.
- 08) wèi wann eis Wëllefcher ëmmer direkt mat dobai sinn wann ët heescht: mir maan elo e klengt Feier.
- 09) wèi wann schong laang nèt mèi souvill Rover um RoverWeekend mat dobai woren ewèi um Letzten.
- 10) wèi wann op der VeloSortie vun den Wëllefcher vill Ketten eroofgesprongen/lasgaangen sinn.
- 11) dat op der Sortie WüstenTemperaturen geherrscht hätten an LX'en besser duergehaal hun wèi Chef.
- 12) wèi wann deen nächsten Nowuëss bei eis am Grupp schon nees ënnerwee wier.
- 13) dat eis Chef um Pëngschtcamp ëmmer iwuer dèi nei techn.Saachen um Unhänger opgeklärt ginn.
- 14) wèi wann mir op eisem Faarwegen Pëngschtcamp eng Visite royale vun eiser Fédération kruuten.
- 15) dat ët nächst Joër vill Changementer wärt ginn an der FNEL waat CommissairesPosten ugeet.
- 16) wèi wann d'Lions Bleus sëch no laangem iwuerleeren och endlech zwee DutchOven geleeht hätten.
- 17) dat Scouten nèt genuch vunenaaner konnten krëien waat den Scoutsprogramm ungeet.
- 18) wèi wann mer no villen Joren driwwer schwätzen waat Thema vum Léiwefest ugeet ët elo och maan.
- 19) wèi wann d'Explorer letzten Samsteg richtig fläisseg woren an den Terrain an Stand gesaat hätten.
- 20) wèi wann mer nächst Soutsjoër keen ViizWeekend an Äppelstuf wärten maan

et schéngt nèt nëmmen

et schéngt nèt nëmmen

- 01) wèi wann e bëssi naas gi wor vun der iwwerschwappender Musel wou d'Schëff laanscht gefuer ass.
- 02) dat no villen iwuerleeren en Schrauf geléisst kruut den Pneu gewiesselt kruut an weider konnt méihen.
- 03) dat d' Jolly de gr.Chef am Schnaarschen wor an dofir d'Lèit moies am Home verdeelt opfonnt gi sinn.
- 04) dat daat ganz secret wor an baal keen vun der Gebuert wouss, mir wënschen awer all GUDDS ??
- 05) dat Sie sëch daat nèt bidden gelooss hun an glaaf nach 2 extragrouss Pizza nobestallt hätten :):)
- 06) dat dës do fir eis mèi einfach ze händegen sinn an mir och aaner Virdeeler hei hun wèi bei der Post.
- 07) wèi wann daat nèt sou einfach wor, well Putmini(alias Breeze) als Portemonnaie opgezielt ginn ass.
- 08) dat letztens beim Stockbrotfeier dono och nach Zäit wor firm am Damp Indianerzeechen ze maan.
- 09) dat eng 40 Fëiss mat Saack an Paak miseler Gëgend an dono Schëtter onsëcher gemaach hätten.
- 10) dat d'Kanner frou këinten sinn dat den Baloo e Meescher dran ass nees alles drop ze montëieren.
- 11) wèi wann dëst wuel un hierer Kondtioun loung an së dono extra Waasser nokaafen hun missten.
- 12) dat mer eis lo schon freen wann dem Kodiak&Nandu hier eegen kleng Prinzessin op der Welt ass.
- 13) wèi wann eis d'Spitzki elo jidderengem erklären kann wèi den Knäppchen vun der Hotte fontionéiert.
- 14) dat dëst den Grand Cru vun der FNEL(CoDir) wor, den Präsident matkoum an huet bei eis.
- 15) wèi wann mer praktësch an all Alterstuf an awer och am Programm neien Wand gëifen krëien.
- 16) dat dës direkt zum Ansaatz koumen, de Kanner ët geschmaach haat mee hinnen bëssi ze HOT wor.
- 17) wèi wann sie dofir zousätzlech zum Pëngschtcamp nach PatrullenSortien organiséiert hätten.
- 18) dat mer e ‚Lëtzebuerger owend‘ organiséieren mat Allem drum und dran. Loost lerch iwwerraschen.
- 19) dat een lo nees bis bei de Bësch gesait an mer nèt mèi müssen well mer de BV nèt mèi gesinn ??
- 20) dat mer mol nees emol zesammen mat den Mamer Wiselen um Jota-Joti wärten partizipéieren.

les amis des Lions Bleus

amis LBB

Mme Meyer Arlette, Majerus Tina, Mme Fay-Bisdorf, Famille Sinner Robert, Anonyme, Majerus Patrick, Sieradzki Peggy, Federmeier Berthe, Grün Joe, Rohmer Kevin, Heinen Gerard, Anonyme, Famille Reiners, Thibo Charles, Schintgen Claude, Famille Mchale Evelyne-Drennan, Goebbels Joanne, Famille Klein-Schmit,

3 Mèintprogramm

3 Mèintprogramm

juni'17		juli'17		september'17	
Do	1	Sa	1 Beaver / Wëllef / Troupe / Explorer	Fr	1
Fr	2	So	2	Sa	2
Sa	3 G-PËNGSCHTCAMP	Me	3	So	3
So	4 G-PËNGSCHTCAMP	Dë	4	Me	4
Me	5 G-PËNGSCHTCAMP	Më	5 Permanence	Dë	5
Dë	6 G-PËNGSCHTCAMP	Do	6	Me	6
Më	7	Fr	7	Do	7
Do	8	Sa	8 POW-WOW fir SG/EX/RO	Fr	8
Fr	9	So	9 POW-WOW fir JIDDEREEN	Sa	9
Sa	10	Me	10	So	10
So	11	Dë	11	Me	11
Me	12	Më	12 Permanence	Dë	12
Dë	13	Do	13	Më	13 Permanence
Më	14 COGRA	Fr	14	Do	14
Do	15 Comité	Sa	15 LBB LÉIWEFEST	Fr	15
Fr	16	So	16	Sa	16 GRUPPENVERSAMMLUNG 14:00 - 17:00
Sa	17 Beaver / Troupe LX Sortie	Me	17	So	17
So	18	Dë	18	Me	18
Me	19	Më	19	Dë	19
Dë	20	Do	20	Më	20 Permanence
Më	21 Permanence	Fr	21	Do	21
Do	22 FAACKELZUCH & LBB GRILLSTAND	Sa	22	Fr	22 Wandrouseinsendeschluss
Fr	23	So	23	Sa	23 Beaver / Wëllef / Troupe / Explorer
Sa	24 Beaver / Wëllef / Patruil / Unitét	Me	24	So	24
So	25	Dë	25	Me	25
Me	26	Më	26	Dë	26
Dë	27	Do	27	Më	27 Permanence
Më	28 Permanence	Fr	28	Do	28
Do	29	Sa	29	Fr	29 Wandrousredaktionsschluss
Fr	30	So	30	Sa	30 GRUPPEN-MONTÉE 30.09.-1.10.2017
		Me	31 MOOT >>> 25/07-02/08/2017 SAUVAGE >>> 02-12/08/2017		

Allerläscht Wandrouns - Säit

www.lionsbleus.lu



fne! 
scouts & guides



Wann d'Lions Bleus op den Pängscht-
Camp fueren, hun Sie ëmmer alles dobai
zeguer een ErsatzVelopneu
;) :)



* THAT'S ALL FOLKS